



Sektioun «Syrdall »  
Gemengen Contern-Niederanven-Sandweiler-Schëtter  
Adress: Marco Breyer 23, Kiem L-5337 Moutfort

CSV-Conter  
Mme Presidentin Marion Zovilé-Braquet

Lëtzebuerg, de 5. Juni 2013

Geéiert Madame Presidentin,

Mat Verwonderung hu mir Äer Invitatioun fir d'ëffentlech Konferenz mam Minister Claude Wiseler de 4. Juni gelies. D'CSV as frou, dass si et fäerdeg bruet huet, de Minister dozou ze bewegen, dass hien d'Busspur op der N2 Sandweiler-Richtung Stad ëm 100 Meter gekierzt huet, fir dass de Verkéiersfloss zu de Stousszäiten verbessert gët. (Mir hoffen och, dass déi Ausso op der Invitatioun, dass d'Busspur 100m hannert der Afahrt fir op d'Carrière Baatz gestrach gouf nëmmen e Lapsus a kee Wunsch vun lech as!).

Mir bezweifele staark, dass d'Reduzéierung vun enger Busspur ëm 100m tatsächlech dozou bäidréit, dass de Stau Richtung Stad an iergendenger positiver Art a Weis beaflosst gët.

An Äerem Kontakt- an Informatiounsblad vum September/Oktobre 2011 stoung op der éischer Säit nach houffreg:

*«Durch den Einsatz der CSV-Conter konnten folgende Resultate erzielt werden:  
1. die Straße (CR234) wird vierspurig inklusive Busspur ausgebaut»*

Dir kënnt villäicht verstoen, dass mir eis Froen iwwe der CSV-Contern hir Motivatioun stellen, wann se sech op der enger Säit op hiert Schëld schreiw, dass duerch si (am Iwwregen huet de Mouvement Ecologique sech jorelang massiv fir dës Busspur agesat) nei Busspuren gebaut ginn, an duerno frou as, dass aner Busspuren erëm verkierzt ginn, wat wéi gesot keen Effekt op de Verkéiersfloss huet, well nëmmen e Brochdeel vum Verkéier d'N2 Richtung Findel verléisst.

Eng aner Fro, déi mir eis berechtigter Weis stellen as déi zum Mobilitéitskonzept vun der CSV-Contern. Fir de Mouvement Ecologique kann eng Verbesserung vun der Mobilitéit, an also dem Verkéiersfloss, nëmmen duerch e konsequenten Ausbau an eng Prioriséierung vum ëffentlechen Transport garantéiert gin. An dësem Fall si Messagen wéi d'Verkierze vu Busspuren fir dem Auto erem méi Plaz ze maachen, méi wéi destruktiv.

Mir erwarden eis vun der CSV-Contern - esou wéi vun alle politesche Parteien - eng kloer Ausso FIR den Ausbau vum ëffentlechen Transport, dëst am Sënn vun der Verbesserung vun der Mobilitéit an der Liewesqualitéit an eise Gemengen.

Mat beschte Gréiss,

Marco Breyer  
President

Gérard Kieffer  
Vize-President